D'Liewensversécherung als instrument de gestion de patrimoine

Wann en vun enger Liewensversécherung schwetzt denkt en gewéinlech un en Kontrakt mat enger langer Dauer. Wouranner besteet eingentlech den Grondgedanken vun enger Léiwensversécherung an wien kritt herno eppes ausbezuelt ?

Mat enger Liewensversécherung sinn onweigerlech den Ofsécherungs- als och den Spuergedanken verbonnen. Vu dass entweder beim Doud oder beim Erléiwen vum Versécherten Souen ausbezuelt gin, kennt en net derlanscht sech irgendwéi d'Fro vum Bénéficiaire vun deenen Suen ze stellen. Je nodeem wéi en sech hei ausdreckt gin déi Souen un en benannten Bénéficiaire oder un d'Ierwen vun dem den d'Versécherung ofgeschloss huet.

Wien ass dann deen Bénéficiaire

Den Bénériciaire ass déi Persoun der d'Prestatioun vun der Versécherung zoukënnt. Wann deen, den d'Assurance ofschléist keen Bénéficiaire benennt ass d'Prestatioun am Doudesfall fir seng Ierwen wat z.B. bei enger Koppel déi matenen gepaxt ass zou enger déasagreabler Iwerraschung kann féieren.

Wat kann en dann machen fir dat ze évitéieren

Deen den de Kontrakt ofschléist muss nuren déi Persoun der d'Prestatioun soll zoukommen nominel am Kontrakt nennen. Den Bénéficiaire fir sech soll dann der Versécherungsgesellschaft bescheed soen dass hien den Bénéfice unhellt, dann kann deen den de Kontrakt ofgeschloss huet näischt méi drun änneren.

Wéi ass et dann bei enger bestueder Koppel

Hei ass et wichteg sech d'Fro ze stellen wat en wellt. Huelen mir un den Här X wellt seng Fra Marie Muller als Bénéficiaire ansetzen. Wann hien dann an senger Léiwensversécherung seet meng Fra Marie Muller, dannn krit d'Marie Muller d'Suen vun der Léiwensversécherung ausbezuelt egal op den Moment den Här X nach mat dem Marie Muller bestued ass oder nët. Seet den Här X allerdengs nuren meng Fra ouni si mat dem Numm ze benennen, dat krit déi Persoun d'Suen déi den Moment wou den Kontrakt fälleg ass d'Fra vum Här X ass – an dat wir am Fall vun enger Scheedung nët d'Marie Muller.

An wann elo Kanner do sinn

Wann en als Bénéficiaire seet meng Fra an d'Kanner, dann geet d'Prestatioun zou 50% und d'Fra an 50% und d'Kanner – dat ass anescht wéi am Ierwschaftsrecht. Wannn ent vun den Kanner schonns gestuerwen wir, kommen seng Nofolgen an seng Platz.

Wéivil kann ech dann an eng Léiwensversécherung anbezuelen ?

Hei misst en sech am Fong geholl fir d'ischt Fro stellen wat ech als Consument well. Wann ech een bestëmmten Kapital um Enn vum Kontrakt well, kann den Assureur mir an Funktioun vum Alter, der Durée an mengem Gesondheetsbild soen wat ech pro Mount muss bezuelen. Ech kann allerdengs och dem Assureur soen wou meng monatlech Schmerzgrenz an Punkto Prime ass – dann kann den Assureur mir an

Funktioun vun den selwechten Kritären soen wivil Kapital mir um Schluss vum Kontrakt zousteet.

Wann ech gepaxt sinn, kritt dann mein Partner alles ?

Wann ech gepaxt sinn, kann ech eng Léiwensversécherung machen an doranner mein Partner als Bénéficiaire ansetzen – dann kritt hien spéiderhin eppes ausbezuelt. Setzen ech hien allerdéngs nët als Bénéficiaire ann, dann geet hien eidel aus well hien nëtt zou der succession réservataire gehéiert. Dann geet alles un meng legal Ierwen.

Roland Bisenius